Äntwert vum Här Felix Braz, Justizminister, op déi parlamentarësch Fro n° 541, vum 22. März 2019, vum honorablen Députéierte Roy Reding

D'Zuel vu Mannerjäregen, déi an enger staatlecher Institutioun oder a Fleegefamille placéiert sinn, ass folgend :

Am Centre socio-éducatif de l'Etat:

Um 31.12.2017 waren 128 Mannerjäreger iwwer d'Jugendgeriicht placéiert.
Um 31.12.2018 waren 107 Mannerjäreger iwwer d'Jugendgeriicht placéiert.

An de Fleegefamillen:

Um 01.10.2017 waren 500 Mannerjäreger an Fleegefamille placéiert.
Um 01.10.2018 waren 526 Mannerjäreger an Fleegefamille placéiert.

D'Grënn fir e Placement si villsäiteg an hänke vum sozialen a familiären Ëmfeld vum Mannerjäregen of, sengem Verhalen a senger Entwécklung, esou wéi vum Wëlle vun der Famill fir aktiv mat de Professionnelle vum Jugendschutz an der Kannerhëllef ze kooperéiren.
D'Décisioune fir Placementer gi vu Fall zu Fall geholl, am Aklang mat engem komplexen Ensembel vu faktuellen Ëmstänn.

D'Exécutioun vun enger Mesure am Kader vum Placement judiciaire gëtt en Fonctioun vun den Ëmstänn gemaach, déi vu Fall zu Fall appreciéiert ginn.
Wann d'Elteren d'Accord si mam Placement vum Mannerjäregen, da kënnen d'Elteren hiert Kand an déi respektiv Institutioun féieren. Dës Solutioun, esou laang se méiglech ass, gëtt privilegiéiert, well se am Intérêt vum Kand an vun den Elteren ass.
Am Fall wou d'Elteren net d'Accord si mat der Décisioun vum Placement vum Mannerjäregen, oder wann d'Eltere selwer eng Gefor fir d'Kand duerstellen (am Fall vu Mëisshandlung oder sexuellem Mëssbrauch z.B.) gëtt d'Police vum Parquet chargéiert fir den Placement vum Mannerjäregen z'executéieren.
Dozou musse folgend Remarquë gemaach ginn.
Et muss ënnerstrach ginn, dass et, zum aktuellen Zäitpunkt, keen disponibele Service gëtt, deen 7/7 Deeg an 24/24 Stonnen d'Executioun vum Placement vun de Mannerjäregen assuréiere kann. Dësen Ëmstand ass der Madame Familljeminister an dem Här Educatiounsminister, esou wéi dem Här Justizminister bekannt, an all Initiativ, déi dozou bäidréit, dat ze änneren, ass ze ënnerstëtzen.
Et dierf een net aus den Aae verléieren, dass déi urgent Placementer sech oft ausserhalb vun den normale Bureauszäiten ofspillen. D'Executioun vum Placement vun engem Mannerjäregen, deen an senger Famill mëisshandelt gëtt, kann net bis den Dag drop oder méindes waarden, wann d'Fakte sech während der Nuecht oder Enn der Woch ofgespillt hunn.

Ausserdem muss präziséiert ginn, dass d'Polizisten, déi spezialiséiert am Beräich vum Jugendschutz sinn, an Ziviluniform, mat banaliséiertem Auto, sech ëm d'Executioun vun den Placementer këmmeren. Nëmmen an exceptionnelle Fäll, wa kee spezialiséierte Polizist disponibel ass, kann et virkommen, dass d'Police an Uniform sech ëm d'Executioun vum Placement këmmert.

Schliesslech kann et virkommen, dass d'Police entscheed fir de Mannerjäregen an engem anere Milieu ze recuperéiere wéi säi Wunnsëtz, virun allem wann et konkret Indizie ginn, dass et zu enger weiderer Eskalatioun am familiäre Milieu komme kéint, bedingt duerch d'Verhale vun den Elteren.
An esou Fäll probéiert d'Police ëmmer diskret virzegoen, zum Beispill an deem d'Police den Enseignant freet fir kënne mam betreffende Kand erauszegoen.

An anere Fäll gëtt de Mannerjäregen an den Centre socio-éducatif de l'Etat (UNISEC) placéiert, virun allem opgrond vun de Strofdoten, déi hie begaangen huet. An dësem Fall gëtt d'Executioun vum Placement oft un d'Police attribuéiert.
Laut enger Estimatioun, déi am Joer 2017 gemaach gouf, si manner wéi d'Halschent vun de Placementer vun de Mineure vun der Police Grand-Ducale effectuéiert ginn.